



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5992 vum 28. Mäerz 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Kann den Här Minister matdeelen, vu wéini bis wéini déi beschriwwen Beantwärdungen op der Sauerdallbréck viraussichtlech wäerten daueren?

D'Beantwärdung vum Verkéier op dem Viaduc Sernigerbaach (OA1134) ginn et säit Oktober 2021 a wäerten, bis dass de Chantier Enn September 2022 ofgeschloss ass, undauern.

Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Gefierer duerchschnëttlech pro Dag vun dësen Beantwärdungen betraff sinn, opgeschlüsselt no Autoen, Camionen a grenziwwerschreidende Buslinnen?

Am Duerchschnitt fieren op dëser Plaz zënter dem Ufank vu de Problemer am Oktober 2021 pro Dag eng ronn 6.700 Autoen an 1.600 Transporter, dovunner 44 grenziwwerschreidend Busser a Richtung Lëtzebuerg.

Kann den Här Minister matdeelen, ëm wéi eng Zort vu Schied et sech handelt, déi zu deene beschriwwene Moosname gefouert hunn?

Et handelt sech ëm en Schied un der Deenungsfou, spréich den Iwwergang tëscht der Bréck an dem weideren Autobunnsofschnitt, wou ee Stéck vun dëser Fou erausgebrach ass.

Kann den Här Minister déi Aussoe bestätegen, datt d'Bauarbechten nach net ugefaangen hunn? Falls jo, kann den Här Minister preziséieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass a wéini se viraussichtlech solle lass goen?

D'Aarbechten hunn effektiv nach net ugefaangen, et goufe bis elo just déi drénglech noutwendeg Moosnamen zum Erhale vun der Verkéierssicherheit ergraff, dat duerch d'Opstelle vun engem sougenannte „Fly-over“. Entsprechend dem aktueller Planning wäerten d'Aarbechten nom Kollektivcongé am Summer starten an ongeféier e gudde Mount undauern, soudass d'Aarbechte viraussichtlech Enn September 2022 ofgeschloss kenne ginn.

D'Chauffere ginn um betraffene Streckenabschnitt duerch reegelméisseg Radarskontrollen, déi och op den elektronischen Unzeigetafelen annoncéiert ginn, zum Respekt vun der Vitesslimit ugehalen. Trotzdeem gouf ganz um Enn vum betraffenen Abschnitt eng héich Buedemwell installéiert, déi dozou zwéngt, nach eng Kéier wäit ënnert déi virgeschriwwe 50 Stonnekilometer ofzubremsen, fir direkt hannendrun op Autobunnsvitess ze beschleunegen, wat zu engem immens ineffikassen Energieverbrauch féiert. Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Installatioun vun dëser Buedemwell motivéiert war a wéi sech déi beschriwwe Konsequenze mat där vun der Regierung propagéierter Klimapolitik verdroen?

Déi installéiert Konstruktioun déngt der Iwwerbréckung vum beschriwwene Schued an dem Erhale vun 2 Fuerbunnen op der Autobunn. Wéi den honorabelen Deputéierte richteg erkennt ass dëst natierlech verbonne mat enger Reduktioun vun der Vitess an engem spéidere Beschleunegen vum Chauffeur verbonnen. Wéi dem honorabelen Deputéierte sécherlech bewosst ass, geet et hei awer em d'Sécherheet vum Chauffeur, déi natierlech hei absolut Prioritéit huet.

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch